u

# PARBLAT

# VUN DER PAR MIERSCH

## Hellege Franziskus

16. September 2024 - 27. Oktber 2024

No. 06 / 2024



Wärend den Dréiaarbechten vum Film fir Commémora-tiounsdag 2024 ass hei eng Szeen vum engem Treffen vun der Resistenz zu Miersch. Zwee Amerikaner waren an der Süd-Eifel mam Fliger erofgeschoss ginn, an hu sech derduerch geschlo bis an eis Géigend. Hei sinn si op Resistenzler vu Miersch an Ëmgéigend gestouss. Dës hunn hinne gehollef ze flüchten. Den Amerikaner hiere Wee ass du weidergaangen iwwert Frankräich, Spuenien, Gibraltar zeréck no London.



Herno sinn der vill vun der Resistenz verhaft ginn, gefoltert ginn
a vill sinn der ëmbruecht ginn ... esou schrecklech Momenter ...



Déi Leit, déi hinnen deemols hei gehollef hunn, ware Mënschen, déi probéiert hu mat de bescheidene Méiglechkeeten, déi si haten, sech ze wieren géint de Naziregime.
Eng ganz Rei vun hinnen hu mat hierem Liewe bezuelt, anerer sinn duerch Prisongen a KZer erduerchgaangen an hu ganz Schreckleches erlieft.

Lo hu mir 80 Jar Libératioun gefeiert, an all dës Evenementer leie schonns iwwert 80 Jar zeréck. Et gëtt ëmmer manner Aanzeien ...
Awer hier Geschichten bleiwe bewegend.

Hiert Engagement, hier Idealer, hier Virstellung vun enger mënschlecher Gesellschaft si bewonnerswert.

Wat sinn hier Follementer geweescht?
Ech denken, dass deemols secher d'Erënnerung un di Zäit virum Krich ganz präsent war. An de Feierlechkeeten vun 1939 (honnert Jar Onofhängegkeet Lëtzebuerg) spiert een, mam Bléck vun haut op déi Zäit, wéi wertvoll de Mënschen eng fräi Bestëmmung war, e souveräne Stat, wou Mënschlechkeet normal dran ass.
Di däitsch Besatzung huet ab 1940 esou total de Konträr bedeit.

Op wat hunn d'Mënschen sech nach gestäipt, wat waren hier Idealer?
Ech denken, dass d'Mënschen deemols, wéi eigentlech och haut, d'Sehnsucht a sech gedro hunn, eent friedlecht, frouht Liewen kënnen ze liewen, de Wonsch no Onbeschwéiertheet, d'Striewen no engem frëndschaftleche Zesummeliewen.

Deemols awer gouf eist Land iwwerrannt vun engem Regime, dat all dës Wäerter einfach mat Féiss getrëppelt huet.
Mësstraue gouf geséint, Ënnerdréckung, Aangscht ...
all dat, wat d'Diktaturen zu allen Zäiten bis haut u sech hunn : d'Mënsche kleng ze maachen an ze halen ...

Deemols hunn d'Lëtzebuerger probéiert hier Idealer net ze verléieren ... net einfach kleng bäi ze ginn. Vill hunn d'Fauscht an der Täsch gemaach, oder just „Dienst nach Vorschrift", a probéiert sech derlaanscht ze drécken, wou et nëmme méiglech war.
Et gëtt vill Zeechnisser vun de klengen „Heldentaten" vun den einfache Leit.
Grat dës Haltung huet bewierkt, dass de Groussdeel vun de Lëtzebuerger hier mënschlech Wuerzelen net opginn hunn.

Dodriwwer eraus hunn der eng Partie sech och vill méi aktiv gewiert - zB. dass esou vill Jongen hei am Land verstoppt gouwen, oder der iwwert d'Grenzen geschleisst goufen ...

Vu ganz konkreter géigesäitiger Hëllef fënnt een immens vill Beispiller.

Dëst Jar denke mer un der e puer, déi aktiv sech gewiert hunn, déi an d'Oppositioun gaange sinn, an d'Resistenz - net öffentlech op de Maartplazen (si wieren direkt an d'KZ gestach ginn) - mee heemlech, ënnert der Hand.
Mat Organisatiounen hannendrun, di erstaunlech gutt strukturéiert waren.

Dat ware Mënschen, di net liichtfankig gewierkt hunn. Si hu just probéiert dem Naziregime entgéint ze wierken ...
Vläicht woussten der vill vun hinnen am Ufank guer net, wat et bedeit, erwëscht ze ginn, an der Villa Pauly mësshandelt ze ginn, op Hinzert an d'KZ ze kommen a gefoltert ze ginn ...
Eng Ahnung haten se schonns. Virsichteg waren di meescht vun hinnen och.
A gefaart hu se och. D'Aangscht war ëmmer mat derbäi.

Um Bildchen zu Rolleng hu mir dru geduecht, wéivill der heihinner biede koumen.
Mënschen hunn op d'Fürsproch vun der Muttergottes zum Himmel geruff ëm Hëllef.
D'Geschicht an de Krichjare rondrëm d'Bildchen ass ergräifend.
De 29. Januar 1943 gouf all Prëssioun an öffentlecht Gebiet bei d'Bildchen verbueden.
Mee de Glawen an d'Wäerter, déi d'Mënschen deemols am Goe mat eisem Härgott fonnt hunn, konnt keen hinne futti maachen. Keng Diktatur bréngt dat färdeg. Och haut net.

Wat brauch de Mënsch a schwéierster Zäit ?

De Glawen un eng Zukunft ...
eng reel Hoffnung ...

Dëst hunn der vill vill och am Gebiet fonnt !

Commémoratioun - Gedenken un d'Mënsche vun deemols ...
Jo, un hier Wäerter erënnere mer äis, hiere Glawen, hieren Asatz - all dëst si jo letztlech eis Follementer, op déi mir konnten a kënnen opbauen ...

Merci hinnen - hier Spueren sinn äis esou wäertvoll ... mir sichen och an Zukunft weider derno, fir vun hinnen ze léieren an eis eegen Zukunft ze gestallten !

de Félix Steichen, Paschtouer



Dës Foto ass opgeholl um Krounebierg, wou d’Resistenzler deemols nuets heemlech den Eed ofgeluecht hunn, fir sech ganz an der Resistenz z’engagéieren ...

(All dës Fotoë si wärend dem Filmdréi gemaach ginn.)

## Rollenger a schwéierer Zäit




Engt klengt Bichelchen dozou ass den 19. September 1948 erauskoum an erënnert un d'50[zigst] Jarfeier vun der Renovéierung vun der Muttergottes-Ley, matten am Krich 1941, wou d'Kräiz opgestallt gouf beim Bildchen,
den 1. August 1941 - mat enger grousser Prëssioun dohinner - Owes bis kuerz viru Mëtternuecht, enger 300 Pilger di derbäi waren ...
Ech zitéieren aus der Brochure:

*Der Veranstaltung wurde ein Fiasko prophezeit, hatten doch die Nazis nichts unterlassen, die Pilger mit allen möglichen Drohungen wie KZ, Strafkolonne, usw. zu beeindrucken. Doch die Rollinger liessen sich nicht einschüchtern ... Die Feier dauerte bis 23.30 Uhr. Die tiefe Andacht, die unter lautem Gebete und Liedern in stiller, dunkler Nacht stattfand, verriet Katakombengeist. Der Wald und die Berge lagen seit Stunden in tiefer Finsternis, - ausser dem Kerzenlicht der Grotte, - als aus den 300 Kehlen, das „Grosser Gott" an den Felsen echote. Nur, der je eine solche Manifestation miterlebt, kann sich eine Vorstellung von der Ergriffenheit der Pilger machen ...*

Weider gëtt an der Brochure beschriwwen wéi alles bespëtzelt gi war ...
Sou heescht et am Text vun der Brochure:

*Folge davon (der Prozession), zwei Tage später: Vorladung zur Villa Pauly, Anbrüllung, letzter Verweis unter furchtbaren Androhungen im Wiederholungsfall. Doch auch das konnte die Rollinger nicht abschrecken. Die Prozession fand jeden Sonntag ihre Neuauflage, bis am Freitag, den 29. Januar 1943 die Prozession zur Muttergottesley verboten wurde.*

An da gëtt nach dës Begiewenheet aus dem Jar 1943 verzielt:

*Bei meiner Ankunft vor der Muttergottesley, sass ein junger Mann und eine junge Dame bereits dort. „Ein Häuflein Elend, die zwei, die dort knien" ... da erkenne ich den jungen Mann als Hrn. Emil Laux, Beamter aus dem Lebensmittelamt Mersch ...*

(NB. den Emil Laux ass de 25.2.1944 zu Hinzert zesumme mat 22 anere Resistenzler am Alter vun 28 Jar erschoss ginn.)

Hei de Refrain aus dem Lidd vun der Muttergottes-Ley:

*Du gutt Mamm, reech eis deng Hand,*
*bied fir eis bei dengem Kand.*

| | | |
|---|---|---|
| **MÉINDEG** | | **16. September** - hl. Cyprian (+ 258) an hl. Cornelius (+253) |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| **DËNSCHDEG** | | **17. September**- hl. Hildegard vu Bingen (+ 1178) |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass :** - dono **Anbetung** |
| MIERSCH | 19.30 | **Bibellektür** an der Kierch - d'Texter vum nächste Sonndeg |
| LINTGEN | 19.30 | **Messe** en langue portugaise |
| **MËTTWOCH** | | **18. September** - hl. Lambertus (+ 705) |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Mass** |
| PËTTEN | 18.30 | **Mass :** fir Roger Straus / Stfg. fir Fam. Kerschen-Schumacher-Didier-Wanderscheid- Ernest Mersch |
| **DONNESCHDEG** | | **19. September** |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass** - dono **Gebiet** |
| **FREIDEG** | | **20. September** |
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 15.00 | **Mass :** Hochzäit Laurie a Fabrice Barreiros Duarte - Scardamaglia |



**SAMSCHDEG 21.9.2024 / SONNDEG 22.9.2024**


## 25. Sonndeg am Jareskrees - Liesejar B

Ev: Mk 9,30-37 : « ... wien den Éischte wëllt sinn, muss den Dénger vun en all sinn ... »

Kollekt: fir eis Kierchen a Kapellen

| | | |
|---|---|---|
| **SAMSCHDEG** | | **21. September** - hl. Matthäus |
| BOUFFER | 11.00 | **Gedenkmass** mat Yoga Equipe |
| HËNSDREFF | 17.45 | **Mass :** fir Josée Groff-Spautz |
| SCHËNDELS | 17.45 | **Mass :** fir René Malherbe, André Louis, John Nehrenhausen |
| LËNTGEN | 19.00 | **Mass :** 6.Wm. fir Rosy Schmit-Putz |
| **SONNDES** | | **22. September** |
| LINTGEN | 10.30 | **Messe** en langue portugaise |
| MIESDREF | 10.30 | **Mass :** Stfg. fir Christine Reckinger |
| MIERSCH | 10.30 | **Kiermesmass :** fir Elise an Eugène Jacoby-Schuster a Jean-Pierre Jacoby / fir Alice an Ady Fischbach-Fack |
| MERSCH | 19.00 | **Messe** en langue française |

| | | |
|---|---|---|
| **MÉINDEG** | | **23. September** |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| **DËNSCHDEG** | | **24. Septmber** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass :** 1.Jm. Fernand Welschbillig / fir Laure Bolmer-Hoffelt / op Meenung (B.)- dono **Anbetung** |
| **MËTTWOCH** | | **25. September** - hl. Nikolaus vu Flüe (+ 1487) a seng Fra Dorothé |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Mass** |
| **DONNESCHDEG** | | **26. September** - Popstbesuch zu Lëtzebuerg |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass** |
| KATHEDRAL | 16.30 | **Begéinung** mam Popst an der Kathedral |




***Diözeesaant Gebiet fir de Poopstbesuch***
***„Fir ze déngen“***

*Gudde Papp am Himmel,*
*Kuck op däi Vollek,*
*dat viru villen Erausfuerderunge steet.*
*Schenk äis de Geescht vun der Eenheet,*
*duerch Geste vu Verzeien,*
*fir zesummen nei opzebriechen a solidaresch ze handelen.*

*Erneier d'Kierch hei zu Lëtzebuerg*
*duerch den Hellege Geescht.*
*Maach äis op fir däi Wuert a sensibel fir d'Suergen*
*an d'Froe vun de Mënsche vun haut.*

*Looss äis aus dem Geescht vu Jesus Christus,*
*dengem Jong, liewen.*
*Duerch d'Daf si mir mat Him verbonnen,*
*geruff a gescheckt,*
*missionaresch Jüngerinnen a Jünger ze ginn.*

*Looss esou d'Visioun*
*vun enger lieweger Kierch an äis wuessen,*
*an der Verschiddenheet vu Sproochen a Kulturen,*
*duerch d'Villfalt vu Charismen an Ämter,*
*um Wee vun der Geschwësterlechkeet,*
*an a Gemeinschaft mat eisem Poopst Franziskus,*
*Dénger a Bréckebauer.*

*Amen!*

| **FREIDEG** | | **27. September** |
|---|---|---|
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |



**SAMSCHDEG 28.9. / SONNDEG 29.9.2024**

## 26. Sonndeg am Jareskrees - Liesejar B

Ev: Mk 9,38ff : « ... wien net géint äis ass, deen ass fir äis ... »

Kollekt: fir eis Kierchen a Kapellen

| **SAMSCHDEG** | | **28. September** |
|---|---|---|
| BIERENG | 17.45 | **Mass :** 6.Wm. fir Jacqueline Berté-Bley |
| FËSCHBESCH | 17.45 | **Mass :** 30 Jar Feier ACFL Fraen a Mammen |
| LUERENZWEILER | 17.45 | **Familljemass :** fir Pauline a René Schroeder |
| ROLLENG | 19.00 | **Mass** |

| **SONNDEG** | | **29. September** - Erzengelen Michael, Gabriel a Rafaël |
|---|---|---|
| MIERSCH | 10.30 | **Familljemass** |
| STROOSSEN | 16.00 | **Installatioun** vun neie Paschtouer Tristan Haecker an der Par Bartréng-Stroossen |
| MERSCH | 18.00 | Une heure de **prière** et de **chants** avant la messe du soir |
| MERSCH | 19.00 | **Messe du soir** en langue française - après la messe: **Agape** |

## Ankaa




*„Gott ass mat sengem Vollek ënnerwee"* ass d'Botschaft vum Poopst Franziskus fir *den 110. Weltdag vu Migrant a Flüchtling* op dem 29. September. Aus deem Grond ass eng Vente vun der ONG ANKAA project, wou mir Produkter verkafen, déi nohalteg am Formatiounszenter zu Athen vu Flüchtlingen hiergestallt sinn.
Weider Informatioune fannt dir op www.ankaaproject.org an Dir kënnt och gäre beim Gertie Didelot nofroen, Tel: 32 98 18

| | | |
|---|---|---|
| **MÉINDEG** | | **30. September** - hl. Hieronymus (+ 420) |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| **DËNSCHDEG** | | **1. Oktober** - hl. Thérèse vu Lisieux (+ 1897) |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| **MËTTWOCH** | | **2. Oktober** - hl. Schutzengel |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Mass** |
| MIESDREF | 18.30 | **Mass :** Stfg. Fam. Schummer-Schmit |
| MIERSCH | 19.30 | **Bibellektür** am Paschtoueschhaus - d'Texter vum nächste Sonndeg |
| **DONNESCHDEG** | | **3. Oktober** |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass** - dono Gebiet |
| **FREIDEG** | | **4. Oktober** - hl. Franz vun Assisi (+ 1226) |
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass** zur Éier vum hl. Franz vun Assisi<br>dono drénke mer e **Patt** zesummen |






**SAMSCHDEG 5.10.2024 / SONNDEG 6.10.2024**

# 27. Sonndeg am Jareskrees - Liesejar B

Ev: Mk 10,2-16 : « ... wat Gott verbonnen huet soll de Mënsch net trennen ... »

Kollekt: fir eis Kierchen a Kapellen

| | | |
|---|---|---|
| **SAMSCHDEG** | | **5. Oktober** |
| BOUFFER | 17.45 | **Mass :** Stfg. fir Wohltäter |
| LËNTGEN | 19.00 | **Mass** |
| **SONNDEG** | | **6. Oktober - Pappendag** |
| RECKEN | 09.15 | **Mass :** fir Adam Ries |
| AANGELSBIERG | 10.30 | **Kiermesmass :** fir Gast Bissen a Famill Bissen Drücker |
| MIERSCH | 10.30 | **Mass :** 1. Jm. fir Delphine Kauffmann-Useldinger / fir Robert Neyens a Jean-Pierre an Irma Neyens-Mousel / fir Noël Broers l |
| LËNTGEN | 17.00 | **Uergelconcert** Marc Loewen op der Uergel an d'Lynn Gloden spillt Saxophone (org. vun den Uergelfrënn vu Lëntgen) |
| MERSCH | 19.00 | **Messe du soir** en langue française |
| **MÉINDEG** | | **7. Oktober** - hl. Muttergottes vum Rousekranz |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| **DËNSDEG** | | **8. Oktober** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass :** fir Jengi, Germaine a Marco Toisul-Moos - dono **Anbetung** |
| **MËTTWOCH** | | **9. Oktober** |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Mass** |
| **DONNESCHDEG** | | **10. Oktober** - Muttergottes, Patréinesch vun der Stat (1666) |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass** - dono **Gebiet** |
| **FREIDEG** | | **11. Oktober** |
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 18.30 | **Chapelet** de la miséricorde divine |
| NIDDERAANWEN | 18.30 | **Centre Culturel Loisy :** Présentatioun vum Film, gedréint d'lescht Jar zu Miersch zur Commémoration Nationale - De Bäcker a säi Radio |



**SAMSCHDEG 12.10.2024 / SONNDEG 13.10.2024**

## 28. Sonndeg am Jareskrees - Liesejar B

## Commémoration Nationale

Ev: Mk 10,17-30 : « ... Verkaf wats de hues a komm mir no ... »

Kollekt: fir eis Kierchen a Kapellen

| **SAMSCHDEG** | | **12. Oktober** |
|---|---|---|
| Beringen | 17.45 | **Mass :** Stfg. fir Maria a Francis Schoettert-Rehles |
| Luerenzweiler | 17.45 | **Wuertgottesdéngscht** zum Commémoratiounsdag |
| Lëntgen | 19.00 | **Wuertgottesdéngscht** zum Commémoratiounsdag |


| **SONNDEG** | | **13. Oktober** |
|---|---|---|
| Blaaschent | 09.15 | **Mass** |
| Lintgen | 10.30 | **Messe** en langue portugaise |
| Miersch | 10.30 | **Wuertgottesdéngscht** zum Commémoratiounsdag |
| Mersch | 18.00 | Une heure de **prière** et de **chants** avant la messe du soir |
| Mersch | 19.00 | **Messe du soir** en langue française |



Zu Lëntgen gedenke mir dëst Jar besonnech de Refractairen, déi di am Bunker Diddendall (am Bësch vis-à-vis vu Mouschelt) wärend puer Méint verstoppt waren - an och deene, di de Ravitaillement gemaach hunn.

Nom Krich ass hei als Merci eng Muttergottesstatue opgeriicht ginn.

D'Fotoe huet de Jean-Paul Wagener gemaach.






| | | |
|---|---|---|
| **MÉINDEG** | | **14. Oktober** |
| GOUSSEL | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| **DËNSCHDEG** | | **15. Oktober** - hl. Thérèse vun Avila (+ 1582) |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass :** abbés Romain Ney, Michel Schmitt a Fernand Bomb- dono **Anbetung** |
| MIERSCH | 19.30 | **Bibellektür** an der Kierch - d'Texter vum nächste Sonndeg |
| **MËTTWOCH** | | **16. Oktober** - 13. Jaresdag vun der Bëschofswei vum Jean-Claude Kardinol Hollerich |
| BLANNENHEEM | 10.30 | **Mass** |
| PËTTEN | 18.30 | **Mass :** fir Roger Straus |
| **DONNESCHDEG** | | **17. Oktober** - hl. Ignatius vun Antiochien (+ 117) |
| KLOUSCHTER | 11.00 | **Mass** |
| MIERSCH | 18.30 | **Mass** - dono **Gebiet** |
| **FREIDEG** | | **18. Oktober** - hl. Lukas |
| BOUFFER-CIPA | 11.00 | **Mass** |
| CRUCHTEN | 19.00 | **Centre Culturel :** Présentatioun vum Film, gedréint dëst Jar zu Miersch zur Commémoration Nationale : Den Ierzebulli ass gutt |



**SAMSCHDEG 19.10.2024 / SONNDEG 20.10.2024**

# 29. Sonndeg am Jareskrees - Liesejar B

Ev: Mk 10,35-45 : « ... De Mënschejong ass komm fir säint Liewen als Léisegeld fir di Vill hinzeginn ... »

Kollekt: fir d'Ausbreedung vum Glawen (Missiounen)

| **SAMSCHDEG** | | **19. Oktober** |
|---|---|---|
| Hënsdreff | 17.45 | **Mass :** fir Nestor Groff |
| Schëndels | 17.45 | **Mass** |
| Lëntgen | 19.00 | **Mass :** 6.Wm. fir Jeanny Loewen-Schmit / fir Victor Provost / op Meenung (EM) |
| Miersch | 19.00 | **Uergelconcert** mam Thorsten Pesch, Uergel a Leo Halsdorf, Cor |
| **SONNDEG** | | **20. Oktober** - Ufank vun der Wanterzäit |
| Fëschbesch | <u>**10.00**</u> | **Wuertgottesdéngscht** zum Commémoratiounsdag |
| Miesdref | 10.30 | **Kiermesmass** - uschléissend : **Griewerseenung** |
| Miersch | 10.30 | **Mass** |
| Mersch | 19.00 | **Messe** en langue française : pour Julia de Magalhaes, Manuel Oliveira, Maria de Jesus Oliveira Teixeira et Manuel Teixeira de Magalhaes / pour Russo Fortuna et Carmelo Napoli |
| **MÉINDEG** | | **21. Oktober** |
| Goussel | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| **DËNSCHDEG** | | **22. Oktober** hl. Jean-Paul II - Popst (+ 2005) |
| Miersch | 18.30 | **Mass** - dono **Anbetung** |
| **MËTTWOCH** | | **23. Oktober** |
| Blannenheem | 10.30 | **Mass** |
| **DONNESCHDEG** | | **24. Oktober** |
| Klouschter | 11.00 | **Mass** |
| Miersch | 18.30 | **Mass** - dono **Gebiet** |
| **FREIDEG** | | **25. Oktober** |
| Bouffer-CIPA | 11.00 | **Mass** |
| Bouffer-CIPA | 17.30 | **Gedenkfeier** |



**SAMSCHDEG 26.10.2024 / SONNDEG 27.10.2024**

## 30. Sonndeg am Jareskrees - Liesejar - B

Ev: Mk 10,46b-52 : « ... Rabbuni, ech geséich neess gär ... »

Kollekt: fir eis Kierchen a Kapellen

| **SAMSCHDEG** | | **26. Oktober** |
|---|---|---|
| Biereng | 17.45 | **Mass** |
| Luerenzweiler | 17.45 | **Mass :** fir Sisi Mangen-Goetzinger best. vun de Nooperen |
| Rolleng | 19.00 | **Mass** |

| **SONNDEG** | | **27. Oktober** - Ufank vun der Wanterzäit |
|---|---|---|
| Metz | 10.00 | **Messe** gesonge vun der Léntgener Chorale |
| Fëschbesch | 10.30 | **Mass :** Stfg. fir Marguerite Neiberg - dono : **Griewerseenung** |
| Lintgen | 10.30 | **Messe** en langue portugaise |
| Miersch | 10.30 | **Mass :** fir Elise an Eugène Jacoby-Schuster a Jean-Pierre Jacoby / fir Alice an Ady Fischbach-Fack |
| Mersch | 19.00 | **Messe** en langue française - ensuite **Agape** |

## Ausbléck op Allerhellgen / Allerséilen

| **FREIDEG** | | **1. November - Allerhellgen** |
|---|---|---|
| Hënsdref | 09.30 | **Griewerseenung** |
| Luerenzweiler | 10.30 | **Mass** an dono **Griewerseenung** |
| Meesebuerg | 10.30 | **Mass** an dono **Griewerseenung** |
| Bouffer-CIPA | 11.00 | **Mass** |
| Lëntgen | 15.30 | **Mass** an dono **Griewerseenung** - dono Kaffisstuff am Veräinshaus org. vun den Uergelfrënn |
| Miersch | 15.30 | **Mass** an dono **Griewerseenung** |

| **SAMSDEG** | | **2. November - Allerséilen** |
|---|---|---|
| Welschent | 10.00 | **Mass** an dono **Griewerseenung** |
| Pëtten | 10.30 | **Mass** an dono **Griewerseenung** |
| Schëndels | 10.30 | **Mass** an dono **Griewerseenung** |

| **SONNDEG** | | **10. November** |
|---|---|---|
| Blaaschent | 09.15 | **Kiermesmass** - dono **Griewerseenung** |

# Concert Orgue et Saxophone

UERGELFRËNN
LËNTGEN



**Œuvres de Bach, Stamm, Bédard, Glass, Ad Wammes, Torke, etc.**

Lynn Gloden
Saxophone



Marc Loewen
Orgue



## DIMANCHE, 6 OCTOBRE À 17h00
## EGLISE DE LINTGEN

**Entrée libre**

**Plus d'Infos sur : www.uergelfrennllentgen.lu**

**Save the date:**
Les amis de l'orgue de Lintgen vous invitent le **01 novembre 2024** après la bénédiction des tombes à un **moment convivial avec café et gâteau** au „Veräinssall" à Lintgen.

Abendvortrag mit Katharina van Bronswijk

## Klima im Kopf - Angst, Wut, Hoffnung: Was die ökologische Krise mit uns macht



Angst vor Überflutungen, Schuldgefühle wegen des letzten Urlaubsfluges, Wut über die Untätigkeit der Regierungen: Wir begegnen der ökologischen Krise mit einem ganzen Bündel an Emotionen - und das ist gut so, sagt die Psychotherapeutin Katharina van Bronswijk.

In dem apostolischen Schreiben „Laudate Deum" verlangt Papst Franziskus eine Antwort auf die Klimakrise und führt die Anliegen seiner Enzyklika Laudato Si‘ von 2015 weiter: Der Papst kritisiert die Leugner des Klimawandels denn der menschliche Anteil an der globalen Erwärmung sei unbestreitbar und die Verpflichtung zur Sorge um das gemeinsame Haus entspringe auch dem christlichen Glauben.

Angst, Trauer und Wut sind gesunde Reaktionen auf essenzielle Bedrohungen wie Klimawandel und Massenaussterben. Wir brauchen sie, um Motivation für Veränderung zu entwickeln und gesellschaftliche Normen zu hinterfragen. Empathisch und faktenreich führt van Bronswijk durch Phänomene wie Klimaangst, eco depression, Verdrängungsmechanismen und verhärtete Fronten in öffentlichen Debatten und beleuchtet die Wechselwirkungen zwischen Individuum und Gesellschaft.

***Referentin :*** *Katharina van Bronswijk ist als Sprecherin der Psychologists and Psychotherapists for Future gut vertraut mit den komplexen Zusammenhängen zwischen Umweltkrisen und psychischer Gesundheit, zu denen sie regelmäßig Vorträge hält, Interviews gibt und publiziert (zuletzt »Climate Action – Psychologie der Klimakrise«). Die Psychologin und Verhaltenstherapeutin ist seit 2009 im Klimaschutz aktiv, unter anderem bei Greenpeace, und betreibt eine eigene Praxis in der Lüneburger Heide.*

**Dëse Virtrag ass zu Luerenzweiler**
**am Foyer St. Laurent (bei der Kierch)**
**Donneschdes, de 17. Oktober 2024 - um 19.30 Auer**

*(Pour Info: Weider Virträg zu dësem Thema sinn an der Schoul Ste Sophie respektiv am Centre Jean XXIII)*

Chorale Lëntgen



Du hues Chouermusek gäer, séngs gäer
a wéils gäer eng Kéier an engem Chouer sangen?

*Tu aimes la musique de Chœur, tu aimes chanter*
*et voudrais chanter dans un chœur?*

Da komm an d'
*Viens à la*

# Oppe Prouf

***Répétition Ouverte***



vun der **Lëntgener Chorale**
*de la* ***Chorale de Lintgen***

Dënschdeg **17. September 2024**
**19h30-21h00**
*Mardi* ***17 septembre 2024***
***19h30-21h00***

am Sall vun der Lëntgener Chorale
*dans la salle de la Chorale de Lintgen*
(21 rue de l'église L-7446 Lintgen)



Keng musikalesch Virkenntnisser néideg!
*Aucune connaissance musicale nécessaire !*
No der Prouf zervéiere mir e Patt!
*Verre d'amitié après la répétition !*
Fir weider Renseignementer:
*Renseignements supplémentaires :*
choralelentgen@gmail.com

chorale_lentgen



19. Oktober 2024
19.00 Auer


MIERSCHER KIERCH

Entrée: 15€ / 10€

# CONCERT COR AN UERGEL



LEO HALSDORF, Cor



THORSTEN PECH, Uergel

**Programm**

*Wierker vum A. Bruckner, Th. Dubois, S. A. Körling, E. Lemare, B. E. Müller, O. Ravanello*

UERGELFRËNN
MIERSCH

## Bureauszäiten
## dënschdes a freides moies vun 9.00 bis 12.00 Auer

Op eisem Répondeur - an och hei um Parziedel - fannt Dir eis Telefonsnummeren, wou Dir äis erreeche kënnt, fir all wichtig Ugeleeënheeten;
mee fir alles wat misst notéiert ginn, wi z.B. Massbestellungen asw. biede mer Iech d'Bureauszäiten ze wielen, well soss de Risiko vum Vergiessen ze grouss ass.

## Beichtgeleeënheet

Mir maachen d'Propose, dass ëmmer dënsdes, eng hallef Stonn virun der Mass (also vun 18.00-18.30 Auer) zu Miersch an der Kierch d'Méiglechkeet vun der Beicht oder engem Beichtgespréich besteet - virun der Sonndesowesmass (vun 18.30-19.00 Auer) an - zu Goussel all 2. Méindeg am Mount.

## Bibellektür zu Miersch

Dobäi ginn d'Texter vum nächste Sonndeg gelies.
Treffpunkt: Kierch vu Miersch oder am Paschtoueschhaus - 19.30-20.30 Auer, ongeféier all 14 Deeg.
De 17.9. - 2.10. - 15.10. - 31.10.2024
Dir sidd ganz häerzlech wellkomm - och wann der just nëmme lauschtere wëllt.

## Meditativ Kreesdänz - eist Liewen danzen

Dir sidd ganz häerzlech invitéiert fir matzemaachen, den 1. Dënsdeg vum Mount vun 19.30 - 21.00 Auer zu Lëntgen am Parsall - di nächste Kéier ass et
den 1.10.2024
zesumme mam Aline Kirchen, Conny Faber, Gertie Didelot.

## Versammlungen

Mëttwoch, den 18. September um 19.30 Auer an dem Foyer: Eltereversammlung betreff d'Kanner vum 1. Schouljar aus de Gemengen Fëschbesch, Lëntgen a Luerenzweiler
Dënsdeg, de 24. September um 20.00 Auer an der Kierch: Eltereversammlung betreff d'Kanner vum 1. Schouljar aus der Gemeng Miersch
Sonndes, de 29. September um 14.30 Auer op der Méchelsplaz: Visite guidée „Then and Now" (mat Biller aus der Zäit vum 2. Weltkrich an haut)
Donneschdes, den 3. Oktober um 19.00 Auer am Parsall zu Lëntgen: Versammlung vun den Uergelfrënn vu Lëntgen

Donneschdes, den 3. Oktober um 20.00 Auer amFoyer zu Luerenzweiler: Parrotsversammlung

Samsdes, den 12. Oktober um 20.00 Auer am Veräinssall zu Lëntgen: Uuchtowend vun der Chorale vu Lëntgen

Dënschdes, de 15. Oktober um 17.00 Auer am Paschtoueschhaus: Comité vum Pastoralrot

Mëttwochs, de 16. Oktober um 18.30 Auer am Mierscher Theater: Accueil vun de neie Bierger

Donneschdes, de 17. Oktober um 20.00 Auer am Foyer St.Laurent zu Luerenzweiler: Konferenz mam Groupe Laudatosi

## Info zu der offener Kierch Luerenzweiler

D'Kierch vu Luerenzweiler ass lo dagsiwwer ëmmer op.
Et gouf eng automatisch Türschliessanlag installéiert an och en Alarm.
Hëlleft äis eis Kierch - an eng ganz Partie aner Kierchen aus eiser Par - esou kënnen opzehalen, an deems Dir e bëssen e Bléck drop huet an natirlech och profitéiert, mol eran ze goen op e klengen Du an Du mat eisem Härgott.



## Iechternach - Willibrordusoktav

De Pilgerdag vun eisem Dekanat ass dënschdes, de 5. November 2024.
Um 15.30 Auer ass d'Mass an der Basilika zu Iechternach.

Vun Réiden erbäi kënnt e Bus.
Op der Méchelsplaz zu Miersch ass um 13.55 Auer den Départ.
Retour zu Iechternach um 18.15 Auer - dh. ongeféier 19.00 Auer zu Miersch.
Dir kënnt Iech umelden bis zum 30. Oktober -
wärend eise Bureauszäiten um 320 059.
De Präis ass 15 €.

Kanner- an
Erwuessenekleeder

# Second Hand



## **zu Biereng** Hal Irbicht

Mëttwoch, den 9. Oktober 2024
vun 17:00 - 20:00 Auer
**Verkaf just fir schwanger Fraen**

**Op fir all d'Leit**

Donneschdeg, den 10. Oktober 2024
vun 14:00 - 21:00 Auer

Freiden, den 11. Oktober 2024
vun 10:00 - 19:00 Auer

Samsdeg, de 12. Oktober 2024
vun 10:00 - 15:00 Auer

**Kleedersammlung** ass den 1. Oktober
vun 10:00 - 17:00
an der **Hal Irbicht zu Biereng**

*Dir kënnt boer an mat der Kaart bezuelen*

**Recetten gi fir de gudden Zweck gespend**

Mir huelen just gudd a propper Kleeder, Spillsaachen a Bicher un.

# Pour nos amis francophones

**Jeudi 26 septembre :** Visite du Pape à Luxembourg
Les fidèles peuvent voir le Pape sur le parcours de la papamobile au centre-ville de Luxembourg et suivre la retransmission de la rencontre devant les deux écrans géants installés à la Kinnikswiss et à la Place de Paris. La rencontre sera couverte par les médias luxembourgeois et retransmise par la télévision luxembourgeoise.

**Dimanche 29 septembre :** à 18.00 h : une heure de prière et de chants -
à 19.00 h : messe du soir en langue française - suivie d'une **Agape.**

**Vendredi 4 octobre :** messe en honheur du patron de notre paroisse, St. François d'Assise, à Gosseldange à 18.30 h suivie d'un verre d'amitié.

**Vendredi 11 octobre :** 18.30 h Mersch : Chapelet de la miséricorde divine.

**Dimanche 13 octobre :** Journée de commémoration nationale consacrée au souvenir de la lutte menée par le peuple luxembourgeois pendant l'occupation 1940-1945.

**Bénédiction des tombes :** veuillez consulter les dates et horaires sous les dates respectives (27 octobre, 1er et 2 novembre et 10 novembre).

**Kermesses :** Ces prochaines semaines les communautés de Mersch, Angelsberg, Moesdorf et Blaschette fêteront le jour de la consécration de leurs chapelles/églises. Le jour de la kermesse dépend du jour de la dédicace de l'église locale ou du jour de sa fête patronale. Dans certaines villes et localités la fanfare ou la chorale passe dans les rues la veille en jouant ou chantant le « Hämmelsmarsch » pour inviter tout le monde à la kermesse.

**Pèlerinage** à Echternach pour l'octave Saint-Willibord, mardi 5 novembre 2024.
Itinéraire du bus: 13.55 h - Mersch - Place St. Michel
Programme: 15.30 h - Messe des pèlerins du doyenné « Centre »
18.15 h - Départ à Echternach. Nous serons de retour vers 19.00 h.
Le prix du voyage: 15€ - Veuillez vous inscrire svp. jusqu'au 30 octobre
au bureau paroissial 320059 (le mardi ou vendredi matin).

**Église ouverte à Lorentzweiler** - une église parmi tant d'autres dans notre paroisse : depuis les vacances l'église Lorentzweiler est ouverte pendant la journée. Nous vous invitons d'en profiter pour une petite prière - et aussi à veiller à ce que ce lieu sacré soit respecté afin que nous puissions garder l'église ouverte.

| **PASTORALTEAM** | Telefon: |
|---|---|
| Félix Steichen, Paschtouer-Moderateur | 691 32 00 59 |
| Pierre Habarurema, Paschtouer | 691 17 29 90 |
| Jakob Zeilinger, Kaploun | 621 416 318 |
| Aline Aust, Krankeseelsuerg | 621 754 984 |
| Josiane Rommes, Krankeseelsuerg | 621 700 617 |
| Tanja Konsbrück, Haaptamtlech Katechetin | 691 879 730 |
| Père André Lauer Favoretti, aumônier communauté portugaise | 621 788 351 |
| Nicole Kleer, Benevole Parassistentin | 621 39 66 95 |

**PARBÜRO MIERSCH**

8, rue Jean Majerus
L-7555 Mersch

**Bureauszäiten: dënsdes a freides**
**vun 9.00 bis 12.00 Auer**

Tel: 32 00 59
Angela Schroeder-Mongelli,
Sekretärin
e-mail: miersch@cathol.lu
http://cathol.lu/miersch

Fir eng Massintentioun ze bestellen kënnt Dir entweder am Mierscher Parbüro uruffen oder eng Mail schécken u miersch@cathol.lu
De Präiss fir eng Intentioun an enger
- Wochemass : 20€
- Sonndesmass : 30€

Dëse Montant kënt Dir iwwerweisen un :

**Fabrique d'Eglise Mersch : CCPL LU39 1111 0101 5466 0000** (fir Miersch, Biereng, Recken, Rolleng, Schëndels, Miesdref a Pëtten)

**Fabrique d'Eglise Fischbach : BGL BNP Paribas LU77 0030 2517 4665 0000** (fir Fëschbech, Schous, Aangelsbierg a Meesebuerg)

**Fabrique d'Eglise Lintgen : CCPL LU85 1111 1121 7543 0000** (fir Lëntgen a Goussel)

**Fabrique d'Eglise Lorentzweiler : CCPL LU88 1111 1106 7090 0000** (fir Luerenzweiler, Boufer, Hënsdref a Blaaschent)

Dat nächst Parblat geet vum 28. Oktober 2024 bis den 8. Dezember 2024
Redaktiounsschluss ass dënschdes, den 22. Oktober 2024